



schwierig ass. Ech weess och, dass der vill vun de Big Four, dat heescht vun deene grousse Cabineten, op d'Steierverwaltung ugeruff hunn, op de Ministère ugeruff hunn a soen: „Wéi verhält dat sech? Well mir hu selwer Problemer ze wëssen, wéi dat konkreet émgesat gëtt.“ An ech mengen, dat sinn net déi Eenzeg.

A virun allem sinn ech frou, dass mer déi Flexibilitéit – mat allen Ofstrécher, déi ech gären op meng Kap dann huelen, och wann ech net eleng derfir kann – bei der Chamber fonnt hunn, fir dee Projet hei – ech soen, net onbedéngt gemäss de Gepflogenheeten, wéi e Gezetzesprojet am Detail sollt analyséiert ginn – iwwert d'Bün ze kréien. An duerfir soen ech Iech wierklech vill, villmools Merci fir d'Zoustëmmung zu désem Projet.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Finanzminister. Domat ass d'Diskussioun dann ofgeschloss.

A mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 8292. Den Text stieet am Document parlementaire 8292⁷.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 8292 et dispense du second vote constitutionnel

An d'Ofstëmmme fänkt un. D'Votes par procuration. D'Ofstëmmung ass ofgeschloss.

D'Resultat ass: Jo-Stëmmen: 58, Neen: keng, an 2 Abstentiounen. De Projet de loi ass also mat 58 Jo-Stëmme bei 2 Enthalungen ugeholl.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Maurice Bauer, Jeff Boonen, Alex Donnersbach, Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Christophe Hansen, Max Hengel, Mme Françoise Kemp, M. Marc Lies, Mmes Octavie Modert, Nathalie Morgenthaler, MM. Laurent Mosar, Marc Spautz, Charel Weiler, Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet ;

Mme Barbara Agostino (par M. André Bauler), MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel, Corinne Cahen, MM. Luc Emering, Fernand Etgen, Patrick Goldschmidt, Gusty Graas, Mmes Carole Hartmann, Mandy Minella, Lydie Polfer (par M. Gusty Graas) et M. Gérard Schockmel ;

M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferding, Liz Braz, Francine Closener, M. Yves Cruchten, Mme Claire Delcourt, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel (par M. Yves Cruchten), Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Paulette Lenert ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup, Mme Alexandra Schoos et M. Tom Weidig ;

MM. François Bausch, Meris Sehovic, Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring ;

MM. Sven Clement, Marc Goergen (par M. Ben Polidor) et Ben Polidor.

Se sont abstenus : MM. Marc Baum (par M. David Wagner) et David Wagner.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass dat esou decidéiert.

6. 8339 – Projet de loi modifiant la loi modifiée du 12 février 1979 concernant la taxe sur la valeur ajoutée

An da komme mer zum leschte Projet vum Ordre du jour vun de Mëtten. Mir hunn de Projet de loi 8339 um Ordre du jour, also eng Ofännerung vum TVA-Gezet am Kader vum Autoliquidatiounsmechanismus.

D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht an deemno follgendermoosser opgedeelt: zéng Minute fir de Rapporteur, jeeweils fënnef Minute fir all Fraktionen an all Sensibilitéit an d'Regierung huet zéng Minuten. Et sinn elo schonn ageschriwwen: den Här Laurent Mosar, den Här Patrick Goldschmidt, den Här Franz Fayot, den Här Fred Keup, d'Madamm Sam Tanson an den Här David Wagner. An elo huet de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Laurent Mosar, d'Wuert. Här Mosar, et ass un Iech.

Rapport de la Commission des Finances

M. Laurent Mosar (CSV), rapporteur | Jo, Här President, léif Kolleginnen a Kollegen, Här Minister, mam virleidende Projet de loi gëtt eng weider Upassung am Beräich vun der TVA virgeholle. Et geet hei dréms, Steierbedruck ze evitéieren an déi sougenannten „TVA-Karussellsinfraktiounen“ ze bekämpfen.

An der Vergaangenheit ass des Éftere versicht ginn, iwwert dës sougenannte „fraudes carrousel“ u Steiergelder erunzkommen, an déi europäesch TVA-Direktiv huet deem virgegrafft. An och eist Land huet natierlich dorobber reagéiert an zénter Längeren de Mechanismus vun der sougenannter „autoliquidation“ agefouert. Dëse gëtt aktuell am Beräich vun den CO₂-Zertifikater am Emissiounshandel, wéi awer och beim Kaf vu Gas- an Elektreschzertifikater ugewannt. Einfach ausgedréckt muss de Keefer vun dësen Zertifikater dem Staat d'TVA iwwerweisen an net de Verkeever.

Mat dësem Gesetz gëtt elo den Uwendungsberäich vun dësem Mechanismus vun der Autoliquidation op de Verkaf vun Handyen, Laptoppen, Computeren an esou weider an awer och op Eedelmetaller a Metaller ausgeweit. Fir dës Produite gëtt elo och eng Autoliquidation virgesinn, wat a sech eng Exceptioun ass.

Am Projet ass awer eng kloer Limitt dran. Dat heescht, d'Autoliquidatioun spiltt némme bei Rechnunge vun iwwer 10.000 Euro. An dëse Fäll ass et de Keefer, deen duerno d'TVA bezilt. Domadder ass séchergestallt, dass alles, wat virun der Chaîne de vente geschitt, wou keng TVA opgefouert ginn ass, och net als Fraude ka benutzt ginn.

De Staatsrot huet a sengem Avis keng Bedenken zum Projet de loi geäussert an drop higewisen, datt déi europäesch Direktiv virgesät, datt en änleche Mechanismus och fir Livraisounen a Servicer am Beräich vun der Konstruktioun kéint agefouert ginn.

Léiven Här President, léif Kolleginnen a Kollegen, och dëst ass erëm eng kompliziéiert, technesch Thematik. Duerfir géif ech mer och nach eng Kéier erläben, fir fir all déi zalreich Froen, déi Der sécherlech hutt, op mäi schrifftleche Rapport hinzuweisen an haapsächlech och op de Commentaire des articles.

Dat gesot, Här President, dréien ech mech nach eng Kéier ém a wëll och hei den Accord vun eiser Fraktionen ginn. A well et de leschte Projet de loi vun haut a vun dëser Woch ass, wënschen ech och direkt schéi Feierdeeg. Merci.

Plusieurs voix | A!

Une voix | Villmools merci!

Une autre voix | Merci gläichfalls!

M. Claude Wiseler, Président | Léiven Här Mosar, dat ass ganz léif vun Iech. Ech soen Iech Merci fir Åre schrifftlechen a mëndleche Rapport.

An als éischte Riedner ass den Här Patrick Goldschmidt ageschriwwen.

Discussion générale

M. Patrick Goldschmidt (DP) | Merci, Här President. Ech hunn de Message verstane vum Rapporteur, dofir

mercredi 20 décembre 2023

wollt ech och just dervu profitéieren an den Accord vun der Fraktioune vun der Demokratescher Partei zu dësem Projet de loi ginn a Merci fir dee gudde Rapport soen.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Goldschmidt. Den nächste Riedner ass den Här Franz Fayot. Här Fayot.

M. Franz Fayot (LSAP) | Jo, merci, Här President. Effektiv, déi Fraudë bei der TVA sinn net just eng abstrakt Anekdot, mee dat si Fraudë mat ganz reellen a ganz substanziellen Ausfäll fir de Budget.

Zum Beispill déi sougenannte „fraude carrousel“ bei den CO₂-Zertifikater, déi 2009 un d'Dageslicht komm ass, wou u sech an engem éische Land e Kont opgemaach ginn ass, fir an engem zweete Land CO₂-Zertifikater opzekafen, déi vun der TVA fräigestallt gi sinn, déi dann duerno mat der TVA weiderverkäfft gi sinn. Dat war op EU-Niveau e Steierausfall vun net manner wéi 5 Milliarden Euro. Dat heesch, hei si mer an engem Beräich, wou mer wierklech müssen handelen. Lëtzebuerg huet schonn eppes gemaach bei der Autoliquidation, mee deen hei Text mécht dat nach weider. An dofir ass dat e gudden Text, dee mer och mat wäerte stëmmen.

Merci.

Une voix | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Fayot. Den nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Fred Keup.

M. Fred Keup (ADR) | Merci, Här President. Ech maachen et ganz kuerz: Mir stëmmen hei mat Jo.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Keup. Déi nächst ageschriwwene Riednerin ass d'Madamm Sam Tanson.

Mme Sam Tanson (déri gréng) | Här President, och mir wäerten deen Text hei matdroen. Merci.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Madamm Tanson. Dann ass et um Här Sven Clement.

M. Sven Clement (Piraten) | Merci, Här President. Fir et ganz kuerz ze maachen, kéint ech soen: „Mir droen et mat.“ Ech erlabe mer awer eng kleng Remark, well et hei awer, mengen ech, ém eppes Wichteges geet. An der Vergaangenheit si wierklech faktiv Geschäfter gemaach gi mat Handyen, Laptoppen an aneren, énner anerem den ETS-Zertifikaten. An datt mer dat heiten elo maachen, ass, mengen ech, e Schlupflach zoumaachen, wou och bis elo net wierklech bekannt ass, wéi grouss de Schued fir Lëtzebuerg war.

Wat awer elo wichteg ass – an ech mengen, dat war am Rapport jo och ugeklongen –, ass, datt mer déi Grenz vun deenen 10.000 Euro halen. An dat wëll ech nach eng Kéier reiteréieren, wéi wichteg et ass, datt mer d'Grenz héich genuchusetzen, awer och niddreg genuchusetzen, fir datt déi Fraude effektiv ka bekämpft ginn. An ech hoffe wierklech, datt mer hei de „juste milieu“ getraff hunn. Wann net, wäerte mer dat an engem oder zwee Joer vläicht nach eng Kéier müssen nobesseren.

Dat gesot, ginn ech eisen Accord.

M. Claude Wiseler, Président | Dat war bal ganz kuerz, Här Clement. Merci.

(*Interruption par M. Sven Clement*)

An d'Wuert huet elo den Här David Wagner.

M. David Wagner (déri Lénk) | Merci, Här President. Jo, den Här Clement huet absolutt Recht a mir stëmmen dee Projet de loi mat.



8^e séance

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Wagner.

D'Regierung.

Prise de position du Gouvernement

M. Gilles Roth, Ministre des Finances | D'Regierung ass net Spillverdierwer a seet Merci fir déi breet Zou-stëmmung.

(Hilarité)

Une voix | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Domat ass d'Diskus-sioune dann elo ofgeschloss.

A mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 8339. Den Text stéet am Document parlemen-taire 8339².

Vote sur l'ensemble du projet de loi 8339 et dispense du second vote constitutionnel

An d'Ofstëmmme fänt un. De Quorum ass erreicht. De Vote par procuration. An de Vott ass fäerdege.

D'Resultat ass dat follgend: 60 Jo-Stëmmen, deemge-mäess keng Nee-Stëmm a keng Abstentioun. An de Projet de loi ass domat eestëmmeg ugeholl ginn.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Maurice Bauer, Jeff Boonen, Alex Donnersbach, Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles (par Mme Octavie Modert), Christophe Hansen, Max Hengel, Mme Françoise Kemp, M. Marc Lies, Mmes Octavie Modert, Nathalie Morgenthaler, MM. Laurent Mosar, Marc Spautz, Charel Weiler, Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet ;

Mme Barbara Agostino (par M. André Bauler), MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel, Corinne Cahen, MM. Luc Emering, Fernand Etgen, Patrick Goldschmidt, Gusty Graas, Mmes Carole Hartmann, Mandy Minella, Lydie Polfer (par M. Luc Emering) et M. Gérard Schockmel ;

M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferding, Liz Braz, Francine Closener, M. Yves Cruchten, Mme Claire Delcourt, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel (par M. Yves Cruchten), Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Paulette Lenert (par Mme Taina Bofferding) ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup, Mme Alexandra Schoos et M. Tom Weidig (par M. Jeff Engelen) ;

MM. François Bausch, Meris Sehovic (par M. François Bausch), Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring ;

MM. Sven Clement, Marc Goergen (par M. Ben Polidori) et Ben Polidori ;

MM. Marc Baum (par M. David Wagner) et David Wagner.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitu-tionnel?

(Assentiment)

Dann ass dat esou decidéiert.

7. Discours de M. le Président

Léif Kolleginnen a Kolleegen, Dir Dammen an Dir Hären, mir sinn elo um Enn vun der leschter öffent-lecher Sëtzung fir dëst Joer ukomm. D'Traditioun wëllt et, datt de Chamberpresident e puer Wuert un d'Chamber riücht, an déi Traditioun huelen ech natier-lech ganz gären un.

A fir unzefänke wëll ech ganz kuerz e puer Leit Merci soen. Éischtens dem Generalsekretär, dem Laurent Scheeck, a sengen zwee Adjointen, dem Benoît Reiter an dem Isabelle Barra; alle Mataarbechter aus der Verwaltung, déi ech an deene leschte Woche konnt kenneléieren, an och deenen, déi ech nach net

kenneléiert hunn – mee déi meesch kennen ech awer esou lues –; de Fraktioune an de Sensibili-téiten. An all déi Leit, déi hunn eis an deene leschte Wochen duerch hir ganz wäertvoll Aarbecht énner-stëtzzt. An ouni si kéinte mer dëse Betrib oder dës venerabel Institutioon net un d'Fonctionéiere kréien a mir kéinten heibannen och net esou gutt schaffen, wéi mer schaffen. Merci och der parlamentarescher Press, déi mat derzou bâldréit, fir d'Bierger iwwer eis Arbechten ze informéieren.

Et war fir eis alleguer, mengen ech, e kompliziéiert Joer – oder fir déi meesch vun eis op jidde Fall –, e Joer mat zwou Walen. Dat hält mat, dat hält heiando phyesch mat, dat hält heiando och mental mat. An dofir hu mer alleguer nom Ufankspurt hei an der Chamber eis e puer Deeg Rou, mengen ech, ver-déngt.

Mee ech wëll Iech awer soen: Och wann d'Walcam-pagne heiando méi haart war – et heescht jo net „Walkampf“ fir näisch –, dann huet de Wieler elo ge-schwat an de Wieler huet eis alleguer, esou wéi mer hei sätzen, en Optrag heibanne ginn. En huet eis den Optrag ginn, hien ze vertriede mat eisen Iddien, mee op eng Aart a Weis, déi déi ass vun engem respekt-vollen Dialog vun den Iddien, am Nolauschteren, am Verstoan an am Decidéieren heibannen.

An enger Zäit, wou an der Welt, wou an Europa d'Demokratie op ville Plazen a Fro gestallt gëtt, wou Krich och souguer an Europa present ass, agezunn ass, ass et, mengen ech, ganz einfach wichteg, datt mir hei-bannen op eis Aart a Weis weisen, datt d'Demokratie och eng grouss Iddi vun der Zukunft ass.

Ech wënsche ganz einfach Iech alleguer, Äre Familljen an deenen, déi Der gär hutt, e puer Deeg Rou, schéi Feierdeeg an e flotte Joreswiessel. Ech freeë mech drop, am neie Joer mat Iech kënne weiderzeschaffen. Maacht et gutt!

Plusieurs voix | Très bien!

(Applaudissements)

M. Claude Wiseler, Président | Den Här Spautz huet d'Wuert gefrot.

M. Marc Spautz (CSV) | Här President, l'éif Kollege-nen, oder Kolleeg aus der Regierung – virun e puer Méint souz en nach hei op déser Säit –, l'éif Kolleegen aus der Chamber, l'éif alleguer, fir d'éischt wëll et och dem President an eiser aller Numm villmools Merci soe fir seng l'éif a perséinlech Wieder.

Ech mengen, e Joer geet zu Enn, wat wirtschaftlech, ekonomesch schwierig war – kuckt, wat lass ass weltwäit mam Fritten. An et huet och fir verschidde Leit politesch Ännérunge mat sech bruecht. Déi eng si frou dorriwwer, déi aner si manner frou dorriwwer.

Mir haten e Joer mat zwou Walen, zwou Walen, enger am Juni, wou d'Gemengen nei gewielt gi sinn – d'Basis vun eiser Demokratie, déi an de Gemenge läit –, an am Oktober Walen hei an der Chamber, wou et deenen enge Kollege besser ergaangen ass wéi deenen aneren. Verschidde Kolleegen hunn de Wee net méi hei-hinner erëmfonnt, anerer sinn nach émmer hei. Dofir war et e ganz intensiivt Joer fir eis allegueren an och en intensiivt Joer fir de President.

Ech wëll ganz besonnesch all de Kolleegen heibanne Merci soen, och wa mer net émmer enger Meenung sinn, och wann een heiando matenee streit. Et ass awer wichtig – an de President huet et énner-strach –, dass een dann awer och nach émmer gutt ka matenee schwätzen an et och fäerdegbrengt, wann d'Theema eriwwer ass, och nach wéi normal an erwuesse Leit mateneen ze diskutéieren. Ech mengen, dass dat wichtig ass an dass dat eng grouss Chance ass, déi mer hei am Parlament hunn.

mercredi 20 décembre 2023

4 | 32

Här President, Iech merci, Dir hat et dës Woch net einfach mat eis allegueren.

(Hilarité)

M. Claude Wiseler, Président | Mat Iech, jo.

M. Marc Spautz (CSV) | Ech hoffen, dass et déi nächst Wochen a Méint, déi op eis zukommen, déi sécherlech och net vill méi einfach ginn, awer dann e bësse méi gemässgt heibannen eroft. An ier dat awer alles kënnt, wëll ech och der Regierung Merci soen an alles Guddes wënschen an Iech alleguerete schéi Chrëschtdeeg a virun allem, dass Der och kënnt no deenen zwou ustregende Walen e bëssen eroft kommen an dass Der allegueren zesumme mat Ärer Famill kënnt gemittlech Deeg verbréngen an d'Joer 2024 bei beschter Gesondheet ufänken, well d'Ge-sondheet ass dat Eenzegt, wat wierklech richteg zielt, well ouni eng gutt Gesondheet ass alles näisch. Vill-mools merci a schéi Feierdeeg!

Plusieurs voix | Très bien!

(Applaudissements)

M. Claude Wiseler, Président | Merci. Madamm Bofferding.

Mme Taina Bofferding (LSAP) | Jo, wann d'Ronn dann op ass, schléissen ech mech deene Wieder un.

(Hilarité)

Et ass grad gesot ginn, et war en intensiivt Joer. Esou wéi ech eis kennen, sinn ech ganz sécher, dass et intensiv weidergeet. Am Numm vun der LSAP wën-schen ech Iech alleguerete schéi Feierdeeg an da freeë mer eis op dat kommend Joer fir déi nächst Erus-fuerderungen. An Iech allegueren e grousse Merci.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Madamm Bofferding. Här Baum.

M. Gilles Baum (DP) | Merci, Här President. Kolleg-innen a Kolleegen, de Marc huet dat esou androcks-voll scho gesot. Ech wëll awer vläicht Leit Merci soen, déi ganz oft vergiess ginn, an dat ass d'Administra-tioun hannendrun. Ech mengen, mir hunn eng Admi-nistratioun vun ém déi 140 Leit.

M. Claude Wiseler, Président | 160.

M. Gilles Baum (DP) | Vill vun deenen heibannen, mengen ech, besonnesch déi jonk Kolleegen, ken-nen déi net. Vill Leit sätzen uewen am informatesche Service. Déi gesäit een och net all Dag. Mee ech wëll vun déser Plaz aus hinnen allegueren e ganz, ganz grousse Merci soen.

Ech géif mer fir dat nächst Joer wënschen, dass mer esou, wéi mer et elo fäerdegbreucht hunn, a Kollegia-litéit kënne weider zesummeschaffen. An et ass wich-teg, dass ee sech och no engem Debat nach ka riicht an d'Ae kucken an dass een och nach kann zesummen e Patt huele goen.

Plusieurs voix | Al!

M. Gilles Baum (DP) | Doropshin géif ech jiddwer-en-gem vun Iech ... Jo, ech weess, dass ech bal émmer dee leschte sinn, deen heemgeet.

(Hilarité)

Ech géif jiddwerengem besënnlech Deeg wënschen, e gudde Rutsch an haapsächlech eis allegueren eng gutt Gesondheet!

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Baum. Ech mengen, d'Madamm Tanson huet nach d'Wuert gefrot.

Mme Sam Tanson (déi gréng) | Also, ech weess, déi eng wëllen heem an déi aner hunn awer elo d'Wuert gefrot, fir eppes ze soen. An och am Numm